



Iwwerschreiw vum Ernennungen

Fir dësen Text méi lieserlech ze maachen, si bei all Begrëff, dee souwuel männlech wéi och weiblech ka sinn, all Kéier déi zwee Geschlechter gemengt, ausser et gëtt speziell präziséiert, z.B.: "Chef" = Chef oder Cheftaine.

Dës Bestëmmunge sinn z'applizéieren, wann e Chef mat enger gülteger Ernennung :

- an eng aner Branche iwwerwiesselt,
- oder eng zousätzlech Ernennung an enger anerer Branche wënscht,
- oder eng Ernennung an engem anere Grupp wënscht.

Dëst Reglement zielt net fir eng Ernennung als Gruppechef.

1. Fir eng Ernennung als Assistent an enger anerer Branche

- 1.1. Wann e Chef, mat enger gülteger Ernennung als Assistent, an eng aner Branche iwwerwiesselt oder eng zousätzlech Ernennung an enger anerer Branche wënscht, kann hien eng Ernennung als Assistent an där neier Branche ënnert de folgende Konditioune kréien :
 - E Gespréich mam Branchecommissaire oder engem Verrieder vun der Branchenekipp hunn.
 - D'Dokumentatioun, déi fir d'Assistente vun der neier Branche virgeschriwwen ass, hunn a kennen.
 - Eng Formatiounsaktivitéit iwwert d'Method vun der neier Branche matmaachen. Dës dauert entweder 1 Dag oder 2 hallef Deeg.
 - E Rapport iwwer eng gréisser Aktivitéit an der neier Branche schreiwen.
- 1.2. De Kandidat an den zoustännege Gruppechef froen déi nei Ernennung um entsprechende Formulaire un, weisen dobäi awer op déi speziell Situatioun - Iwwerschreiwen oder zousätzlech Ernennung - hin.
- 1.3. All nei Ernennung, souwéi och déi zousätzlech al Ernennung(en), lafe vun dësem Moment un, bis de Verbandskongress 3 Joer drop.
- 1.4. Wann e Chef nach eng drëtt oder nach weider Ernennungen ufreet, ass den Oflaf ëmmer dee selwechten.

2. Fir eng Ernennung als Branchechef an enger anerer Branche

- 2.1. Wann e Chef, mat enger gülteger Ernennung als Branchechef, an eng aner Branche iwwerwiesselt oder eng zousätzlech Ernennung an enger anerer Branche wënscht, kann hien eng Ernennung als Branchechef an där neier Branche ënnert de folgende Konditioune kréien :
 - E Gespréich mam Branchecommissaire oder engem Verrieder vun der Branchenekipp hunn.
 - D'Dokumentatioun, déi fir Branchechef vun der neier Branche virgeschriwwen ass, hunn a kennen.
 - Eng Formatiounsaktivitéit iwwert d'Method vun der neier Branche matmaachen. Dës dauert entweder 1 Dag oder 2 hallef Deeg.
 - Seng nei Unitéit féiere kënnen an dëst während enger Aktivitéit beweisen, bei där e Verrieder vun der Branchenekipp dobäi ass a mat deem de Kandidat duerno e gemeinsame Bilan mécht. De Programm vun dëser Aktivitéit gëtt am viraus un de Branchecommissaire geschéckt.
- 2.2. De Kandidat an den zoustännege Gruppechef froen déi nei Ernennung um entsprechende Formulaire un, weisen dobäi awer op déi speziell Situatioun - Iwwerschreiwen oder zousätzlech Ernennung - hin.
- 2.3. All nei Ernennung, souwéi och déi zousätzlech al Ernennung(en), lafe vun dësem Moment un, bis de Verbandskongress 3 Joer drop.
- 2.4. Wann e Chef nach eng drëtt oder nach weider Ernennungen ufreet, ass den Oflaf ëmmer dee selwechten.



3. Fir eng Ernennung an engem anere Grupp

- 3.1. E Chef, mat enger gülteger Ernennung als Assistent oder als Branchechef, kann an déi selwecht Funktioun an engem anere Grupp wiesselen, oder eng zousätzlech Ernennung an der selwechter Funktioun an engem anere Grupp kréien.
- 3.2. De Kandidat an de Gruppechef vum neie Grupp froen déi nei Ernennung um entspreichende Formulaire un, weisen dobäi awer op déi speziell Situatioun - Iwwerschreiwen oder zousätzlech Ernennung - hin.
- 3.3. Déi nei Ernennung ass sou laang gülteg wéi déi al/bestehend Ernennung nach gülteg war/ass.
- 3.4. Wann e Chef nach eng Ernennung, an der selwechter Funktioun, an engem drëtten oder nach weidere Gruppen ufreet, ass den Oflaf ëmmer dee selwechten.

4. Aner Bestëmmungen

- 4.1. An alle Fäll, déi an dësem Reglement net virgesi sinn, a bei besonnesche Schwierigkeeten, kann de Formatiounscommissaire, no Récksprooch mat den zoustännege Branchecommissairen, aner Konditioune festleeën.
- 4.2. Dëst Reglement ersetzt d'Reglement Nr 10 vum 21.09.2011, dat heiduerch opgehuewen ass.